PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/05/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Justiz weiderzeleeden.**

Säit dem 15ten Mee leeft den néie Kontrakt tëscht der Stad Lëtzebuerg a private Sécherheetsfirmen. D'Stad ass net déi eenzeg Instanz, déi op esou Firmen zréck gräift a wou d'Agenten deelweis a Begleedung vun Hënn ënnerwee sinn. Och anner Gemengen an d'CFL notze Servicer vun dëse Firmen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A Fäll wou Sécherheetsagente mat Hënn ënnerwee sinn, mussen dës Hënn der Sécherheetsfirma gehéieren, oder kéinten d'Agenten och op hir eegen Hënn zréck gräifen?

2. Wéi eng Aarte vu Maulkuerf sinn zu Lëtzebuerg erlaabt? Sinn an deene leschten 3 Joer scho Verstéiss duerch privat Sécherheetsfirmen oder hire Mataarbechter am Déngscht festgestallt ginn, well en Hond ee Maulkuerf unhat, deen zu Lëtzebuerg net erlaabt ass? Wa jo, wéi vill?

3. Wéi eng Aarte vu Halsbänner sinn zu Lëtzebuerg erlaabt? Sinn an deene leschten 3 Joer scho Verstéiss duerch privat Sécherheetsfirmen oder hire Mataarbechter am Déngscht festgestallt ginn, well en Hond een Halsband unhat, deen zu Lëtzebuerg net erlaabt ass? Wa jo, wéi vill?

4. An engem Post vun der Zeitung Paperjam op de soziale Medien, gesäit een en Sécherheetsagent mat engem Hond, deen de Schwanz ofgeschnidde kritt huet. Sinn esou Praktiken zu Lëtzebuerg erlaabt? Sinn an deene leschten 3 Joer Verstéiss wéinst solche Praktiken duerch privat Sécherheetsfirmen oder hire Mataarbechter am Déngscht festgestallt ginn? Wa jo, wéi vill?

5. Wat fir Demande mussen d'Sécherheetsfirmen erareechen, fir dierfen op Hënn zréck ze gräifen an dës an hire Servicer unzebidden? No wat fir Krittäre gëtt den Asaz vun Hënn erlaabt, respektiv ofgeleent? Ginn et Ënnerscheeder jee no Rass vun Hond?

6. Mussen d'Sécherheetsfirmen noweisen, dass d'Hënn an hir Halter Formatioune gemaach hunn? Mussen dës Formatiounen no enger Gewëssener Zäit opgefrëscht ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député